



D' Sprooch „entwéckelt“ sech.

Wéi ass dat „Entwéckelen“ dann elo speziell **fir d'Lëtzebuer-gesch** ze gesinn? Op jidfer Fall net wéi fir d'Däitscht, Franséisch, Englescht asw.!

ENNERT deer „Entwécklung“ ass an deene grousse Sproochen d'Entstoen, d'Schafe vun neie Wieder/Ausdréck ze verstoen, apaart deenen, déi um technesche Gebitt entstoen (Computer, Handy, Elektronik, allméiglech Maschinnen, Bank- a Finanzfach asw). Dogéint ka kee verstännege Mensch epes hunn, a bestëmmt kee Lëtzebuerger.

Datt déi „Entwécklung“ **d'meescht aus englesche Wuerzele** kënnt, huet mat der weltwichteger Bedeutung vum Shakespeare sengem „Idiom“ ze din... ower: et gëtt leider net dacks genuch driwwer gegrimmt, datt dat „Angelsächsescht“ nun emol e „Konglomerat“ aus dem Germaneschen an dem Romaneschen, deelweis och aus dem Kelteschen ass! Et huet emol ee gesot, ouni d'Germanescht missten d'Englännner billen, an ouni d'Romanescht houschten... dat stëmmt. Mä stëmmt dat net och deelweis fir d'Lëtzebuergescht?! Dann esou, niewelaanscht: Firwat léiert keen Däitschen, kee Fransous, Italiéiner, Spuenier, Portugis esou licht a séier Englesch wéi ee vu äis? D'Äntwert läit op der Hand!

Nach eng Kéier (an net dacks genuch!): **Evolutioun vun enger Sprooch heescht op kee Fall einfach (eeriicht!) Wieder aus enger anerer Sprooch ,eranhuelen!** Evolutioun heescht och net, Wieder/Ausdréck an d'Plaz vun deenen ze setzen, déi eng/EIS Sprooch dselwecht fir auszedrécken huet. Dann: ze behaapten, et giff een dësen oder deen Ausdruck net kennen; deen hätt een nach ni gehiéert; d'Mamm hätt net esou gesot ... dat ass op d'mannst (mindestens?) net ganz éierlech. **Wann een do-mat kënnt, um Radio hätten se och esou gesot, da ginn d'Schudderengem aus.** ☺ Firwat? Ech bleiven elo léiwer héiflech... Natierlech kennt net jidfer Lëtzebuerger all Wuert aus eiser Sprooch. Mä weess da jidfer Fransous de ganze Larousse, all Däitschen den Duden, oder och dee leschten Englänner den Oxford vu vir bis han-nen? Versteet jidfer Fransous dem B.H.Lévy oder dem Kamel Daoud hirt Franséisch; kënnt all Däitschen duerch dem Sloterdijk oder dem Precht hir Texter?

Mir hunn am Lëtzebuergesche maandelweis Wieder, Ausdréck an Aus-drucksweisen, déi einfach net méi typesch kënne sinn! An deene leschten Nummere vun eiser KLACK kënnt dir dra „kraude“ goen... an da vläicht erausfannen, wéi ee bei der Iwwersetzung ka „këmmen“. ☺

Bei dës ganz „Mierwelerei“ kënnt dann och nach eist zimlech extravagant (mä guer net esou iwwelt) Schoulsystem, deem mir iwregens seng däitsch Alphabet-séierung solle loessen, obschon do Leit anesch denken... déi ni vrun engem 1./2. Schouljoer stongen. Mir gi vu 6 Joer un an d'Däitsch „gezapp“ (vun der TV net ze schwätzen); d'Franséisch „kritt“ äis vum 2. Schouljoer un, an d'Englesch waart direkt am „Secondaire“ op äis... an deer „Wull“ muss dann d'Lëtzebuergescht sech behaappen. Dat kann némme mat speziell- pädagogeschen „Tricke“ goen... ower wou sinn déi?! A wien huet se „drop“?

Entwéckelen? Evoluéieren?... Violéieren? Iwwerleeën? Those are the questions!

vum Lex Roth



En „holperegt“ Enn?

An eiser Sprooch kruwwele kéipweis Wieder, vun deenen automatesch – dat heescht ouni weider nozedenken – ugehol gëtt, si giffen an eis Sprooch gehéieren, och wa ganz kloer festzestellen ass, datt mir eisen eegenen Ausdruck dofir hunn/hätten; dacks esouguer mat engem ganze Feld Bedeutunge rondrém.

Typesch ass hei dat däitscht „holperig“, dat fir eng Strooss oder e Wee am Hollänneschen „hobbeleg“, am Englesche „bumpy“ oder am Franséische „cahoteux“ heesch... ower **am Lëtzebuergeschen nun emol KNUBBELEG** ass! Dat Schéinst ass hei, datt dësen Ausdruck net „vereelzt, verblatzt, alschléiesch“ (oder: meng Mamm huet net esou gesot) ass, a „knubbeleg“ nach émmer ganz normal gebraucht gëtt. De Gebrauch vun „holperegt“ huet also (och) hei **näisch mat „Sproochentwécklung“ ze din**, hannert deer sech esou gär bëllig verfusst gëtt, fir eng gewëssen Ignoranz ze verstoppen... en Hank, deen eiser Sprooch ganz vill schuet!

Am **„Wuertfeld“ bei „knubbeleg“** fanne mir dann och „Knupp“ (ë.a. och bei eise Flouernimm!), Knippercher, knuppendedéck, Knuppekéil, knuppen, Knuppert, Knupauto asw.

Et ass net fir d'éischt, datt hei an eiser „KnouterKLACK“ drop gestouss gëtt, wat eng systematesch Kollektioun vun esou Wuertfelder eiser Sprooch vu Guddem künnt bréngen. Op jidfer Fall méi wéi „rateschwanzlaang“ Geméchels iwwer Schreifweis!

Sprooch-Varianten

Och wann et zu Eechternach, zu Veianen, Dikrech a soss entzwou eng Dosen oder e pu-er weider Ausdréck gëtt, déi mir anerwärts net fannen, dann **heescht dat nach laang net, datt mir et hei mat eegene Sproochen oder Dialekten ze din hätten**. Et gëtt ower z.B. Leit, déi sech domat bretzen, datt een aneren net weess, wat „Kleepere“ sinn, erém anerer soen dofir „larpelen“; ower 95% vun äis schwätzen zénter Joer an Dag vun „Äerdvier“. Ganz rar héiere mir och vu „Krinjelen“ oder „Krischele“ schwätzen, woubäi „Kréichelen“ deeselwechten héije Prozentsaz huet.

Et dréint sech hei nun emol **lokal oder héchstens kleng-regional Wieder**, kleng „Varianten“; dat gëtt et jo och an anere Sproochen, z.B. op d'mannst 6 verschidden Nimm fir e Waasserbréidchen an Däitschland!

Mir hunn äis als Kanner zerstridden, ob déi Weelzer oder Nidderweelzer – déi allebéid den éischte Juli-Sonndeg Kiermes haten – **déi meeschte „Paleramaen“** hätten. Watglift? Dat huet am ganze Land soss kee verstan, et sief dann, hier war vu Wolz! Kiermesween!

Probéiert dat hei emol op D/F...

Et bässt mech an der Akaul.
Ech hunn e Roff/eng Knupp um Kapp.
De Jang ass méi gouereg ginn.
D'Kett huet sech nawell ermaach!
Dee sabbelegen Téinert geet mir net.
Dee Braddeler guff sech einfach net.
D'Josette hat sech fein noneegmaach.
Dee Metzler ass eragaang.

Et sabbelt an engem Stéck.
Et fiselt zimlech ondugen dobaussen.
Et war e Schlo-Reen, an ech plätschnaass.
Et sinn Heegafele riichtera gefall.
Et huet d'ganz Nuecht gerubbelt.
Géi mir dach aus de Féiss.
Ech iesse gär Zapp-Ee a Stoffi.
Géi mir e Putsch Bratzele rappen.

Liesen an der Vakanz

Natierlech ginn et an der laanger Vakanzenzäit Deeg, wou d'Wieder net matmécht an och d'TV net de ganzen Dag opfelle kann. Dat sinn dann déi fir d'Liesen an d'Buch.

Firwat dann net emol an de Bicherbutteker no Bicher an eiser Sprooch kucken? Haut ka jo wierklech kee méi soen, et giff „näisch Lëtzebuergesches ginn“. An eise méi grousse Librairien ass alles ze kréien, wat an de leschte Joeren a Méint erauskumm: Kannerbicher, Romanen, Iwwersetzung, Bicher iwwer d'Geschicht an d'Lie-wen am Allgemengen... et gëtt wierklech keng Ursach méi, fir sech an der Vakanz laanscht d'Literatur an eiser Sprooch ze „drécken“.

Iwregens: d'KLACK N°284 kënnt den 1. Oktober

Mat dësem Ernimmen ass natierlech näisch géint Lektür an anere Sprooche gesot, déi mir äis jo nun emol besser wéi egal watfireen Europäer „leeschte“ kënnen... wat ower och alt erém keng Ursach ass, näisch an eiser Sprooch an d'Valise ze leeën, oder?



Foto: Shutterstock

ZINGLABOOK?

Mir kennen alleguer **dësen oder dee klenge Spréchelchen oder e Liddchen**, déi mir als kleng Butze virgesot oder gesonge kruten a geléiert hunn. Si bleiven „hänken“ a begleeden äis praktesch e ganzt Liewe laang. **Dofir kann een net dacks genuch drun er-ënne wéi wichteg esou „Saachen“ an egal wat fir enger Institutioen sinn**, déi sech mat Kanner vu 5 bis ronn 10 Joer ofgëtt. Git emol an England a Frankräich kucken! Dat gëllt och fir d'Lëtzebuergescht!

Zénter Joere gëtt et den „Zinglabumm“, eng Kollektioun Hefter mat klenge Gedichtercher a Liddchercher fir eis Butzen. Déi ass elo ènnert dem Num „ZINGLABOOK“ och fir ze héieren am Verkaf (ZinglaBUCH wier och gang ☺); dat da fir e Präiss, dee wäit ènnert deem läit, wat „normal Spillsaache“ kaschten. Firwat net emol an engem zerguttste Bicherbuttek duerno froen?

Nimm fir „Gedéiesch“

Déiercher mat an ouni Flilleken/Fliichte gëtt et dach och hei, souloung (oder nach méi „eiser“ hei doruechter lafen. Da verwonnert et een net, datt och eiser **Nimm fir dat „Gedéiesch“** entstane sinn... iwwerens och den Ausdruck „Gedéiesch“ selwer. ☺

Dofir ass et **en Dauereschued, wann déi typesch lëtzebuergesch Ausdréck fir dat Gewujels èmmer méi mat houdäitschen Nimm ermëltz ginn**, wourun déi x-däitsch Télévisionen, DVDen a Publikatiounen schold sinn. Wat mir op deem Gebitt, wéi an e séllechen aneren hunn, dat musse mir dach net muttwéilles mat anere Sproochen zoupechen! **Mir brauche keng Ameis, kee Schmetterling, kee Maikäfer, keng Heuschreck, keng Wesp asw.**, woumat guer näisch géint Däitscht soll gesot sinn, mä just géint de Muttwéill.